**Evangelium vum 14. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 10,1-9** (Kuerzfaassung)

1 Den Här huet 72 aner Jünger bestëmmt an si zu zwéin an zwéin an all Stad an all Uertschaft virgeschéckt, an déi hie selwer goe wollt.

2 Hie sot zu hinnen: "D'Rekolt ass zwar grouss, ma d'Aarbechter sinn net zu dacks. Biet duerfir den Här vun der Rekolt, Aarbechter an seng Rekolt erauszeschécken!

3 Gitt! Kuckt, ech schécken iech wéi Schof ënner d'Wëllef.

4 Huelt kee Geldbeidel mat, kee Kuuschtesak, keng Sandalen, a gréisst keen ënnerwee!

5 Wann dir an en Haus eragitt, da sot fir d'éischt: 'Fridde sief mat dësem Haus!'

6 Wann do e Mënsch wunnt, deen op ass fir de Fridden, da rout äre Fridden op him; wann awer net, da kënnt en op iech zréck.

7 Bleift an deem Haus an iesst an drénkt dat, wat d'Leit iech ginn! Den Aarbechter huet nämlech säi Loun zegutt. Laaft net vun engem Haus an dat anert!

8 Wann dir an eng Stad eragitt an do opgeholl gitt, dann iesst dat, wat iech virgesat gëtt,

9 an heelt déi Krank, déi do sinn, a sot hinnen: 'Dem Herrgott säi Räich ass bei iech schonn um Kommen.'"